

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

CFDen (Contracts for Difference) sinn aktuell immens an der Moud, well se, wéi aner Derivater, héich Renditen kënnen erzielen. Op neien Trading-Plattformen kann hautzedaags all Mënsch heiranner investéieren.

Zu Lëtzebuerg sinn Investitiounen a Finanzproduiten, wéi Aktien, duerch d'Akomesbesteuerungsgesetz (Loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu) a verschidde Fäll steuerfräi, wann een se méi wéi 6 Méint hält an erréicht duerno verkeeft.

Dës Steuerbefreiung ass sënnavoll fir Klengspuerer a Leit, déi hier hiert Erspueres net op engem Spuerkont wëlle leien loossen.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ënnert wéi eng legal Basis fält d'Behandlung vu CFDen a wéi eng Circulairë behandelen dës?
2. Kann de Minister klären, ob d'Gewënner aus dem Verkauf vun CFD, déi vun enger Privatpersoun ausserhalb vun enger professioneller oder kommerzieller Aktivitéit gehale ginn, no enger Behalddauer vu méi wéi 6 Méint steuerfräi sinn, esou wéi et och bei Aktien de Fall ass?
 - Falls jo, gouf dës Reegel an de leschte Jore vun alle Steuerbüroer vun der ACD eenheetlech ugewannt?
 - Falls nee, wéi eng steuerlech Ënnerscheeder gëlle beim Verkauf vun CFDen (an änlechen Derivater) am Verglach mat de klassesche Produiten, wéi Aktien?
 - Fale CFDen an d'Kategorie "autres biens" vum Artikel 99bis vum Akomesbesteuerungsgesetz?



Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten

